déi Lénk

Lëtzebuerg den 27. Februar 2025

Betrëfft: Pressekonferenz iwwer d'Rentereform

Schwätzmat...mee wouriwwer genee?

déi Lénk maachen einfach a séier ëmsetzbar Virschléi fir staark ëffentlech Renten.

Säit iwwer engem hallwe Joer gëtt iwwer eng Rentereform diskutéiert. Dobäi fält op dass déi Diskussioun inhaltsfräi an onpolitesch bleift. D'Regierung mécht wéi wann se net wéisst wat se maache wéilt an organiséiert oninspiréiert Pseudo-Consultatiounen. D'Koalitiounsparteie selwer wéi och d'Oppositiounsparteie bekenne keng Faarf a verweisen ëmmer erëm op intern Aarbechtsgruppen, sou wéi wann eise Rentesystem viru kuerzem vum Himmel gefall wier an dee mol erfuerscht misst ginn. Déi eenzeg Partei déi bis elo sérieux Stellung geholl huet ass déi Lénk.

A knapp 3 Woche fënnt an der Chamber déi vun der Regierung ugekënnegt Consultatiounsdebatt iwwer d'Rente statt. Et ass eng ongewëss Debatt, wëll weder d'Regierungsparteien nach d'Oppositiounsparteie mat Ausnam vun déi Lénk kohärent a fundéiert Positioune virgeluecht hunn.

D'Regierung probéiert awer säit e puer Méint de Leit verschidde Reformiddi'en a Mesurë méi schmackhaft ze maachen oder carrement an de Mond ze leeën. Op schwätzmat.lu waren d'Leit Enn des Joers 2024 opgeruff hir Reformiddi'en a Kuerznoriichteform anzereechen. Den Interessi huet sech awer a Grenze gehalen. Erauskomm si méi oder manner gutt Virschléi, Gedanken a Meenungen, déi en enorm diffuust Bild erëmginn an elo an enger zweeter Phase a synthetiséierter Form bis den 9. Mäerz enger Bewäertung vun interesséierte Leit ënnerbreet ginn.

Vill vun den 21 Aussoen, déi aktuell op schwätzmat bewäert a kommentéiert kënne ginn, ginn e verkierzte Bléck op d'Realitéit erëm, sinn irreführend oder esou vereinfacht duergestallt, dass se d'Komplexitéit an de wichtegen Enjeu hannendru verstoppen. Eng Rei vun den Aussoe wierken och wéi e copy-paste aus Fuerderunge vum Patronat wouduerch een d'Fro stelle kann, ob d'Regierung sech wierklech just bei den Utilisateuren op schwätzmat inspiréiert huet.

déi Lénk wëlle sécher stellen, dass d'Leit net an d'Fal tappen déi d'Regierung hinnen an dem Consultatiounsprozess stellt. Wëll mir gi ganz staark dovunner aus, dass d'Regierung genee weess wat se maache wëll, vergaangen Aussoe vun der Ministesch weisen eis dat. An déi gi kloer an d'Richtng vun enger Schwächung vun dem ëffentleche Rentesystem an eng méi staark Privilégéierung vu privaten a spekulative Rentenversécherungen. Dofir wëlle mir d'Debatt zréck op

de Buedem vun den Tatsaachen huelen an de Leit eng Verständnis- an Argumentatiounshëllef zur Verfügung stellen.

Op dem Buedem vun den Tatsaachen ass och direkt kloer, dass guer keng strukturell Rentereform néideg ass an et absolut keng Drénglechkeet gëtt fir en Häerzstéck vun eisem Sozialstaat, dat sech säit 80 Joer bewäert huet, no der Reform vun 2012 eng zweete Kéier ze schwächen. Et bitt sech e groussen Handlungsspillraum op der Säit vun de Recettë vun der Rentekeess, fir mëttel- a laangfristeg am finanziellen Equiliber ze bleiwen a souguer nach verschidde Verbesserunge kënnen ze maachen.

Folgend Mesuren op der **Recettesäit** kënne kuerzfristeg ëmgesat ginn :

1) **D'Entdeckelung vun de Rentebeiträg bei gläichzäiteger Deckelung vun de Prestatiounen.**

Aktuell bezilt e Versécherten am Régime commun Rentebeiträg op sengem Revenu bis op e Montant vu 5 Mol de Mindestloun (13189€ de Mount). Op all Euro iwwer dësem Montant gëtt kee Beitrag méi bezuelt. Dat heescht awer dann och, dass keen Euro iwwer dem Montant Revenu Recht op zousätzlech Rent gëtt. Doduerch krit am régime commun kee méi eng héich Rent wéi 10.875€.

Ronn 5% vun de Salariéë si betraff, wëll si méi wéi 5 Mol de Mindestloun verdéngen. Laut Zuele vun 2022 verdéngen des Salariéë an der Moyenne ganz vill nämlech ronn 21.500€, wouduerch also grouss Deeler vun dem Akommes net erugezu gi fir d'Renten ze finanzéieren.

Mir wëllen dowéinst eng Entdeckelung vun de Rentebeiträg bei engem gläichzäitege Bäibehale vun der Deckelung vun der Rent selwer. Doduerch géifen déi 5% Salariéë mat Akommes iwwer 5 Mol de Mindestloun méi an d'Rentekeess cotiséieren, mee am Géigenzuch net méi Rent erauskréien. Dat ass an eisen Aen och vertrietbar, wëll Assuréë mat sou héijem Akommes an der Moyenne méi al gi wéi Assuréë mat klengem Akommes, wouduerch se also och iwwer méi eng laang Zäit eng Rent kréien.

Des Mesure géif **706 Milliounen** Euro d'Joer an d'Keess vun der CNAP spullen.[1]

2) **Cotisatiounen op Iwwerstonnen ophiewen**

Op Iwwerstonne ginn haut keng Cotisatioune bezuelt. Dat heescht fir déi betraffe Salariéën dass si mat hiren Iwwerstonnen och net méi Rentenusprëch kréien.

Géifen op Iwwerstonnen och Rentebeiträg opgehuewen ginn, kéimen all Joer (Stand 2023) **81 Milliounen**[2] Euro Recetten zousätzlech an d'Rentekeess.

3) **Akommes aus berufflechen Aktivitéiten no 65 Joer** (Cumul mat enger Pensioun)

[1] https://www.chd.lu/fr/question/27510
[2] https://www.chd.lu/fr/question/27331

Leit an der Pensioun kënnen nom 65. Liewensjoer eng berufflech Aktivitéit als Indépendant oder Salarié weiderféieren. Op dësem Akommes musse keng Rentebeiträg bezuelt ginn. 2022 waren 5,2% vun de Leit a Pensioun dovu betraff.

Mir proposéieren dass op dësem Akommes Rentebeiträg opgehuewe ginn. Dat wir e Plus vun **28 Milliounen**[3] Euro d'Joer (Stand 2023).

Insgesamt kéime mat dësen 3 Mesuren kuerzfristeg 814 Milliounen Euro (Stand 2023) als Recetten an d'Rentekees derbäi.

Op der **Depensesäit** gesi mir doriwwer eraus grouss Spuerpotenzialer an Héicht vun **221,3 Milliounen** Euro, wann Ausgaben vun der CNAP an de Staatsbudget verlagert ginn, déi net direkt a Relatioun sti mat der Ausbezuelung vun de Renten. Dat sinn administrative Frais'en, verschidde Prestatioune fir de Fonds pour l'Emploi (indemnités d'attente a préretraite) souwéi Ausgabe fir Pensiounen am ëffentlechen Déngscht.

Mat dëse Mesuren op der Ausgabe- wéi op der Recettesäit kéinten d'Rente fir déi nächst 10 Joer am Equiliber bleiwen. Op dësem Wee kéinten déi sozial schiedlech Mechanismen aus der Reform vun 2012 – nämlech d'Enn vum volle Rentenajustement a vun der Allocation de fin d'année - verhënnert ginn. Besonnesch d'Wechfale oder d'Ofschwäche vum Rentenajustement – een Szenario deen eis wéinst der Reform 2012 kéint bléien - hätt katastrophal Konsequenzen op d'Kafkraaft vun de Renten. Dofir fuerderen déi Lénk och, dass dëse Mechanismus, grad wéi d'Wechfale vun der Allocation de fin d'année am Fall vun enger Erhéijung vum Rentebeiträg, aus dem Gesetz gestrach ginn.

Erhéijung vun der Mindestpensioun

Des séier an einfach ëmsetzbar Mesurë géifen eis et erlaben de Rentesystem fir déi kommend Joren ofzesécheren an dobäi och d'sozial Gerechtegkeet vum System ze stäerken, an dat alles ouni fundamental Afrostellunge vum ëffentleche Rentesystem.

Wichteg ass eis awer, dass d'Mindestrent substanziell erhéicht gëtt. Se läit aktuell bei 2293,55€ an erméiglecht engem Rentner oder enger Rentnerin keen anstännegt Liewen. Déi ze déif Mindestrent erkläert och firwat d'Altersaarmut zu Lëtzebuerg an de leschte Joren explodéiert ass (vun 3,9% am Joer 2011 op 10,7% am Joer 2023).

Déi Lénk fuerderen dofir d'Unhiewe vun der Mindestrent op den Niveau vum Mindestloun.

Mir hunn all d'Méiglechkeete fir eise gudden a stabilen ëffentleche Rentesystem z'erhalen a souguer auszebauen. Mir brauche just de politesche Wëllen, déi Méiglechkeeten och ze notzen. Grënn fir iwwerstierzt Reformen ze maachen, déi eis Rente fir zukünfteg Generatiounen méi kleng maachen, fir parallel individuell Léisunge fir Leit mat héijem Akommes ze privilégéieren ginn et fir eis net. Intergenerationnell a sozial Gerechtegkeet ass just iwwer en ëffentlechen a solidarësche Rentesystem z'erreechen.

[3] https://www.chd.lu/fr/question/27510